

# ripevusch

ZEITUNG VUN DER GEMENG USELDENG

RIPPWEILER → IEWERLENG → USELDENG → SCHANDEL

No. 1 / 2007

# Inhaltsverzeechnis

*Zeitung vun der Gemeng Useldeng* No. 1 / 2007


**[03]** Editorial
**[04]** Schoulsportdag
**[05]** Waasser
**[06]** Das Trinkwasser in unserer Gemeinde
**[11]** Commune-ART
**[12]** Galaconcert
**[14]** 125 Joer Pompjeeën
**[16]** Jos Schmit
**[17]** Extrait du registre aux delibérations du conseil communal de la commune d'Useldange
**[18]** Spuren
**[20]** Ouschtermaart
**[20]** Syndicat d'Initiative
**[22]** Communication & Design Awards
**[23]** Generalversammlung der Harmonie Useldingen
**[25]** Relais pour la vie
**[26]** E puer Zuelen aus eiser Gemeng...
**[27]** Rumänien
**[28]** Concert fir Uergel an Instrumenter
**[30]** Kommiounsfeier
**[31]** Grouss Botz 2007
**[32]** Foto-Quiz
**[33]** Rätsel-Eck
**[34]** Manifestatiounskalenner


***Foto Cover: Dolfie Jacoby-Fischbach***

***(Merci Jackie Weber)***

mise en page: **a | part** | impression: imprimerie **reka** | tirage: **600 exemplaires**



# De Ripevusch krut e Präis

*Viru ronn engem Joer hunn ech lech op där heiter Plaz den neie Layout vum Ripevusch presentéiert an erkläert firwat mer verschidden Ännerunge gemat hunn.*

*An dëser Nummer fannt Der en Artikel, an deem der gewuer gitt, dass de Ripevusch beim Communication and Design Award an der Philharmonie an der Stad e Präis kritt huet. Dobäi huet de Ripevusch sech géint ganz illuster „Konkurrenten" duerchgesat. An eiser Kategorie waren ënnert anerem de Pei-Musée, den Educatiounsministère, den CNA (Centre National de l'Audiovisuel) oder och nach de Musée National d'Histoire fir hier Info-Broschüren oder hir Publikatiounen nominéiert.*

*Déi grouss Institutioune schaffen natierlech mat ganz anere Budgete wéi eis kleng Gemeng an hunn och haaptberufflech Mataarbechter, déi sech em déi Projete bekëmmeren.*

*Mir hu mat lauter fräiwellege Kommissiounsmembren zesumme mat enger klenger mee ganz efficacer a professioneller Agence en neie Ripevusch geschaf a goufen dofir belount. Dat beweist, dass och eng kleng Gemeng mat Courage fir nei Weeër ze goen, mat den néidegen Iddien, mat Iwwerzeegung a mat enger gudder Portioun Asaz vill fäerdeg brénge kann. Et soll een sech elo net ze laang op senge Lorbeeren ausrouen an sech selwer zevill op d'Schëller klappen, mee dësen 'Award' als Motivatioun huelen, fir ëmmer erëm nei Projeten ze attaquéieren, an et sollt ee probéieren, fir flott Léisungen ze fannen fir déi Erausfuerderungen déi sech stellen.*

*E grousse Merci un d'Mataarbechter aus der Ripevusch-Redaktioun, e grousse Merci un déi Leit déi hëllefen, dass de Ripevusch mat Liewen gefëllt gëtt, e Merci un eis Agence „a I part" an e grousse Merci un lech, dass der de Ripevusch liest an eis matdeelt wat lech dru gefält a wat een nach ka verbesseren.*

# Schoulsportdag 2007

Text: Gilles Develter

**Donneschdes:**
**Prominenz mat Vëlo: Dirk Bockel**

Den 29. Mäerz war di Lëtzebuerger Olympiahoffnung, den Triathlet Dirk Bockel, bei eis an der Schoul op Besuch fir de Kanner aus dem 4.-6. Schouljoer säi Sport méi no ze bréngen.

Den Dirk konnt mat senger sympathescher Manéier d'Kanner séier fir sech gewannen: An der Buvette hu si gebannt nogelauschtert an dem professionelle Sportler säin Aarbechtsgeschir bestaunt.

No den Erklärunge vum Spezialist ass et dunn eraus op d'Pist gaang. D'Kanner haten hir eege Rennmaschinnen dobäi, sou dass direkt praktesch konnt geübt ginn. Well d'Fësch am Weier hannert der Sportshal nit gestéiert sollte ginn, stoung amplaz Triathlon just Duathlon, dat heescht Vëlofueren a Lafen, um Programm. Um Départ konnt jidderee sech d'Startnummer 1 un den T-Shirt spéngelen. D'Kanner waren houfreg, ee prominente Champion bei sech ze hunn an hu souwuel ze Fouss wéi och um Vëlo hiert Bescht ginn.

Als Erënnerung konnte si hir Startnummer, een Autogramm an eng Schwammkap vum Dirk Bockel mat heem huelen.

**Freides:**
**Atelieren & Kannerlaf**

Freides moies sinn d'Kanner vu Précoce bis 6. Schouljoer an den Ateliere vum Schandeler Pingpong, de jonke Mammen, dem CDJ Iewerleng an dem Léierpersonal am 15 Minutten-Takt defiléiert. Dotëscht sinn d'Primärs-klassen och nach op Réiden an d'Schwämm gefuer.

Fir nomëttes war déi mëttlerweil 4. Oplo vum Kanner-fir-Kannerlaf ugesat. D'Wierder war gënschteg, an d'Kanner hu Ronn fir Ronn um Parking virun der Schoul gedréint. Virum Laf hate si sech Pätteren a Giedele gesicht, déi hinne pro gelafenen Tuer e puer Cent oder och ee ganzen Euro versprach haten. Esou hu si während deenen 2 Stonnen „Promesses de don" vun insgesamt 6585,90 € „agelaf".

Den Erléis vun dëser Aktioun ass fir eis ASBL déi dëst Joer ee Projet an Argentinien ënnerstëtzt, bei deem et drëms geet, ee Sportzentrum fir Kanner a Jugendlecher an engem defavoriséierte Véirel vu Buenos Aires opzeriichten.

Fir déi vill Leit, déi och dëst Joer erëm kucke komm sinn, nit hongerech an duuschtereg heemgoen ze loossen, hat d'Elterevereenegung erëm hir Kaffisstuff an der Buvette opgemeet. ▪





[Fotos: Christiane Neumann / Georges Heyart]



# Waasser



[Foto: Patrick Koster]

De Klimaschutz an d'Thema Waasser beherrschen zënter Méint d'Aktualitéit an eise Medien an dat nit zu Onrecht.

D'Drénkwaasserversuergung ass haut an eiser Bevëlkerung sou selbstverständlich ginn, dass kaum een sich nach Gedanke mécht, wéi schwéier eis Virfaren et haten, d'Waasser ze faassen an ze verdeelen.

Och wa mir eis zu deene Privilegéierten op dëser Welt däerfen zielen, fir genuch Waasserreserven ze hunn, musse mer eis awer dach lues a lues drop astellen, fir zumindestens an de Summerméint méi spuersam dermat ëmzegoen.

Et ass eng absolut Flicht vun de Gemengen hire Bierger einwandfräit Drénkwaasser ze liwweren an derfir ze suergen, dass d'Qualitéit den Norme vum Règlement grand-ducal vum 7.10.2002 entsprécht.

National- an EU-Direktive verlaangen total Transparenz an dësem Dossier a fuerdere gläichzäitig d'Gemengen op, fir d'Waasser käschtendeckend ze verdeelen.

Leitungsdrénkwaasser kascht ongeféier 500 mol manner wéi Mineralwaasser a gëtt och méi dacks kontrolléiert.

De Schäffen- a Gemengerot gouf a leschter Zäit ëfters op d'Drénkwaasserproblematik, zemol an der Sektioun Useldeng, ugeschwat.

Op Ufro vum Buergermeeschter huet den Här Patrick Koster, Direkter vun der DEA, eisem Waasserliferant, sich bereet erklärt, de folgenden Artikel ze verfaassen.

En ass an einfache Wierder geschriwwen a gëtt Äntwert op déi ugeschnidde Froen, duerfir soe mir him villmools Merci.

Mir sinn der Meenung, dass déi beschtméiglichsten Informatioun um Bierger an dësem Fall grad gutt genuch ass.

Gläichzäitig profitéiere mir vun der Geleeënheet, fir eemol am Joer, sou wéi dat neit Gesetz et verlaangt, d'Waasseranalysen aus eiser Gemeng publik ze maachen.

Eist Waasser ass gutt, loosse mir eis all derfir asetzen, dës Qualitéit ze erhalen. ▪

*Am Numm vum Schäffen- a Gemengerot:*
*Äre Buergermeeschter*
*Pollo Bodem*



[Foto: Patrick Koster]

# Das Trinkwasser in unserer Gemeinde

Text: Patrick Koster / Unterlagen: DEA- Distribution d'Eau des Ardennes

### 1. Woher kommt unser Trinkwasser?

Die Useldinger Gemeinde verteilt das Wasser, welches sie beim Gemeindesyndikat DEA (Distribution d'Eau des Ardennes) einkauft, an ihre Einwohner. Die Gemeinde ist zuständig für den Betrieb und Unterhalt der Anlagen ab dem jeweiligen Ortsbehälter. Die DEA ist der Lieferant für 36 Gemeinden im Norden des Landes. Die Quellen der DEA liegen im luxemburger Sandsteingebiet, nämlich in der bewaldeten Gegend von Ehner und Calmus. Für die Ortschaften Everlingen, Rippweiler und Schandel stammt das Wasser aus dem Quellgebiet von Calmus. Das Wasser für Useldingen kommt aus den Wäldern in der Gegend von Ehner, auf dem Territorium der Gemeinden Saeul und Beckerich. Diesem Quellwasser wird in der Pumpstation von Useldingen zusätzlich Wasser aus der Bohrung von Roubricht/Useldingen beigemischt.

### 2. Kann man das Leitungswasser trinken?

Das Trinkwasser aus dem Wasserhahn ist ohne Zweifel bedenkenlos trinkbar. Die Gemeinde ist dazu verpflichtet, ein Wasser zu liefern das die strengen gesetzlichen Normen einhält. Die Einhaltung der Qualitätskriterien wird durch regelmäßige Kontrollen überprüft. Tatsächlich ist Leitungswasser das am strengsten kontrollierte Lebensmittel überhaupt. Der allgemeine Trend zum Mineralwasser ist somit unberechtigt, unser Trinkwasser wird frisch ins Haus geliefert und muss dazu noch strengeren Kriterien als Mineralwasser gerecht werden. Des weiteren ist, rein ökonomisch betrachtet, das Trinkwasser rund 500 mal billiger als Mineralwasser und wird zudem noch frei Haus geliefert.

### 3. Wie hart ist unser Wasser?

Die Gesamthärte des Wassers in der Gemeinde Useldingen liegt unter 24 d°f (Grad französischer Härte). Dieser Wert gibt Aufschluss über den Kalkgehalt des Wassers. Der Umrechnungsfaktor in °dH (Grad deutscher Härte) beträgt 0,56, so dass der Wert in unserer Gemeinde also um die 13°dH liegt, was auf der früher verwendeten Härteskala von 0 (= weich) bis 4 (sehr hart) dem Wert 2 (mittelhart) entspricht. Dies ist auch der Wert der normalerweise bei Wasch- und Spülmaschinen deutschen Fabrikats einzustellen ist.

### 4. Was kann man gegen Kalk tun?

Ein hoher Kalkgehalt ist nicht gesundheitsschädlich, ganz im Gegenteil. Haushaltsmaschinen können jedoch darunter leiden. Wenn sich eine Kalkschicht in der Kaffeemaschine oder dem Wasserkocher abgesetzt hat, kann man einen Durchgang mit handelsüblichem Essig ausführen, indem man ein Gemisch aus Essig und Wasser einfüllt und erhitzt. Der Essig löst den Kalk auf. Bei Waschmaschinen hilft die Zugabe von Enthärtungstabletten die den im Wasser gelösten Kalk binden, so dass dieser sich nicht absetzen kann.

Das Ausfallen von Kalk in den Leitungsrohren betrifft nur den Warmwasserzyklus. Oft kann das Problem gemindert werden indem man die Wassertemperatur auf maximal 60 °C (Optimum um 55 °C) einstellt.

### 5. Brauchen wir einen Entkalker?

In unserer Gemeinde können alle Haushalte auf eine Entkalkungsanlage verzichten.

### 6. Was kann man tun wenn das Wasser rot oder braun aus dem Wasserhahn kommt?

Es kann vorkommen, dass ihr Wasser eine bräunlich-rötliche Farbe hat, vor allem wenn sie länger abwesend waren und somit kein Wasserfluss im Haus war (z.B. nach dem Urlaub). Diese Verfärbungen werden durch Eisen und Mangan hervorgerufen. Beide Inhaltsstoffe sind in geringen Mengen im Trinkwasser vorhanden und können sich an den Leitungswänden ablagern. Wird die Fließgeschwindigkeit in den Leitungen stark erhöht oder deren Richtung geändert (z.B. durch ein Leck), lösen sich diese Ablagerungen und verursachen die Verfärbung. Stahl- und Gussleitungen können ebenfalls rosten und eine Verfärbung hervorrufen. In der Regel ist das Problem behoben sobald die Leitungen gespült sind. Sollte die Verfärbung trotz Spülung anhalten, sollte der Wasserversorger (d.h. die Gemeinde) benachrichtigt werden.

### 7. Schadet es unserer Gesundheit wenn das Wasser nach Chlor riecht oder schmeckt?

Seit Dezember 2006 wird seitens der DEA aus Sicherheitsgründen und auf Empfehlung der Wasserwirtschaftsverwaltung zur Desinfektion des Trinkwassers Natriumhypochlorid zudosiert. Das Chlor hat allerdings die Tendenz „auszugasen" und verursacht somit am Wasserhahn den typischen „Chlorgeruch". Dieser wird →

| Wasseranalyse in der Gemeinde Useldingen | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| Paramètre: | Méthode: | Unité: | Everlange Rippweiler Schandel | Useldange | RGD 7.10.2002 |
| A) CARACTERES ORGANOLEPTIQUES | | | | | |
| Couleur (436nm) | EN ISO 7887:1994 | 1/m | ‹0.01 | 0.21 | |
| Turbidité | EN ISO 7027:1999 | NTU | 0.14 | 0.10 | |
| B) CARACTERES BACTERIOLOGIQUES | | | | | |
| Coliformes totaux dans 100 ml | Coilert 18 TWV 2003 | cf u/100ml | ‹1 | ‹1 | 0 |
| Escherichia coli dans 100 ml | Coilert 18 TWV 2003 | cf u/100ml | ‹1 | ‹1 | 0 |
| Germes totaux par ml après 48 h à 36 °C | EN ISO 6222: 1999 | cf u/ml | ‹1 | ‹1 | ≤20 |
| Germes totaux par ml après 72 h à 22 °C | EN ISO 6222: 1999 | cf u/ml | 22 | ‹1 | ≤100 |
| Clostridium Perf ringens | RGD du 7/10/2002 | cf u/100ml | ‹1 | ‹1 | 0 |
| Entérocoques intestinaux | EN ISO 7899-2: 2000 | cf u/100ml | ‹1 | ‹1 | 0 |
| C) CARACTERES CHIMIQUES | | | | | |
| Conductivité électrique à 20°C | ISO 7888:1985 | µS/cm | 415 | 381 | ≤2500 |
| pH | DIN 38 404 | unités pH | 7.6 | 7.4 | ›6.5 et ‹9.5 |
| Fluorures | EN ISO 10304-1:1995 | mg/l | 0.06 | 0.08 | ≤1.50 |
| Clorures | EN ISO 10304-1:1995 | mg/l | 17.8 | 10.8 | ≤250.0 |
| Nitrites (No 2) | EN ISO 10304-1:1995 | mg/l | ‹0.05 | ‹0.05 | ≤0.50 |
| Nitrates | EN ISO 10304-1:1995 | mg/l | 10.1 | 12.5 | ≤50.0 |
| Sulf ates | EN ISO 10304-1:1995 | mg/l | 35.2 | 50.6 | ≤250.0 |
| Sodium | EN ISO 14911:1998 | mg/l | 5.2 | 4.4 | ≤200.0 |
| Ammonium | EN ISO 14911:1998 | mg/l | ‹0.05 | ‹0.05 | ≤0.50 |
| Potassium | EN ISO 14911:1998 | mg/l | 1.2 | 2.0 | |
| Magnesium | EN ISO 14911:1998 | mg/l | 5.2 | 10.9 | |
| Calcium | EN ISO 14911:1998 | mg/l | 84.9 | 65.2 | |
| Manganèse total | EN ISO 15586:2003 | µg/l | 3 | ‹5 | ≤50 |
| Fer total | EN ISO 15586:2003 | µg/l | 20 | 26 | ≤200 |
| Nickel total | EN ISO 15586:2003 | µg/l | ‹5 | ‹2 | ≤20 |
| Aluminium total | EN ISO 15586:2003 | µg/l | ‹20 | ‹20 | ≤200 |
| Dureté carbonatée | EN ISO 9963-2 | d°f | 17.4 | 15.0 | |
| Dureté totale | DIN 38406-3 | d°f | 23.3 | 21.1 | |

bereits in sehr geringen Konzentrationen wahrgenommen und macht weder das Wasser ungenießbar noch bedeutet er eine Qualitätsverschlechterung. Im Gegenteil: der eventuell seit ein paar Monaten aufgetretene Chlorgeruch respektive -Geschmack weist auf Keimfreiheit hin und das Wasser ist bedenkenlos trinkbar. Um diesen ungewohnten Geruch und Geschmack des Wassers, welches man trinken möchte, jedoch zu beseitigen, kann man sich eines Tricks bedienen. Man füllt das Wasser in einen Krug oder sonst ein Gefäß und stellt es kurzzeitig in den Kühlschrank. Auch die Zugabe von einigen Tropfen Zitronensaft entfernt diesen leichten Beigeschmack.

In unserer Gemeinde ist augenblicklich nur die Ortschaft Useldingen betroffen. Aus der Wasseranalyse (*siehe Tabelle*) geht hervor, dass die Keimzahl (germes totaux) hier dank der Chlorierung sozusagen Null ist. Die Keimzahl in Everlingen, Rippweiler und Schandel ist ohne Chlorierung auch noch unbedenklich, liegt sie doch unter dem Grenzwert von 100 cfu/ml.

## 8. Soll man morgens vor dem Trinken das Wasser erstmal fließen lassen?

Vergleichbar mit dem Spülen der Leitung nach einer längeren Abwesenheit, sollte das erste morgens gezapfte Wasser nicht zu Lebensmittelzwecken benutzt werden, da sich über Nacht verschiedene Substanzen aus den Leitungswänden herauslösen können. So sollte man morgens eine kleine Menge Wasser für einen niederen Verwendungszweck gebrauchen (z.B. zum Blumengießen, Putzen,...).

## 9. Kann man warmes Wasser aus dem Wasserhahn trinken?

Warmwasser ist Brauchwasser und kein Trinkwasser! Grundsätzlich sollte zu Lebensmittelzwecken kein Warmwasser aus dem Hahn benutzt werden. Dieses Wasser befindet sich unter Umständen schon einige Zeit im Warmwasserbehälter und kann eventuell auch schon höhere Metallkonzentrationen aufweisen. Zudem schmeckt dieses Wasser nicht gut, da die üblich gelösten Gase (z.B. Sauerstoff) durch das Erhitzen nicht mehr vorhanden sind, was dem Wasser einen „abgestandenen" Geschmack gibt. Wasser zu Lebensmittelzwecken sollte grundsätzlich kalt gezapft und erst anschließend erhitzt werden.

## 10. Was kann man tun wenn das Wasser modrig schmeckt?

Wenn das Trinkwasser einen abgestandenen oder modrigen Geschmack aufweist kann dies unterschiedliche Ursachen haben. Um zu unterscheiden ob dieser Geschmack aus dem öffentlichen oder dem hausinternen Leitungsnetz stammt, soll eine Probe direkt hinter dem Zähler genommen werden. Hat diese Probe auch bereits einen abgestandenen Geschmack, sollte die Gemeinde informiert werden. Weist diese Probe jedoch keinen modrigen Geschmack auf, liegt die Ursache im hausinternen Leitungsnetz, wo es oftmals zu erhöhten Standzeiten kommt. Nach längerer Abwesenheit kann es ebenfalls durch die Stagnation zu Geschmacksbeeinträchtigungen kommen. In beiden Fällen hilft ein gründliches Durchspülen des gesamten internen Leitungsnetzes bis in den kleinsten Strang. Es kann jedoch auch vorkommen, dass das Wasser aus dem Heizungskreislauf über eine Verbindung zum Trinkwassernetz zurückläuft, und somit das Trinkwasser ungenießbar macht.

## 11. Woher kommt der milchige Aspekt bei frisch gezapftem Wasser?

Der zeitweise milchige Aspekt des Wassers wird nicht, wie oft angenommen, durch Kalk hervorgerufen, sondern durch feine Luftbläschen im Wasser. Das Lichtspiel an den kleinen Luftbläschen ergibt einen milchigen Anschein, der aber nach dem Ausgasen der Luft wieder verschwindet. Die Qualität des Wassers ist in keiner Weise beeinträchtigt.

## 12. Für welche Zwecke kann man Regenwasser benutzen?

Man kann Regenwasser zu allen Zwecken benutzen, für die keine Trinkwasserqualität erforderlich ist: Gartenbewässerung, Pflanzen gießen, Toilette, verschiedene Reinigungsarbeiten,.... Es muss jedoch größten Wert darauf gelegt werden, dass keine (auch keine abgeriegelte) Verbindung zum öffentlichen Versorgungsnetz besteht, da sonst Verschmutzungen des Trinkwassers drohen.

Als Schlussfolgerung dieser Aufklärung sei bemerkt, dass das Trinkwasser heute mehr als je zuvor strengen Kontrollen unterliegt und die Qualität nach wie vor hervorragend ist. Die Gemeinde, zusammen mit ihrem Lieferanten, setzt sich dafür ein, dass die Einwohner zu jeder Zeit über ein qualitativ wertvolles und trinkbares Wasser verfügen, welches zu einem vernünftigen Preis in genügender Menge frei Haus geliefert wird.

Kolonne 1 bezeichnet die untersuchten Parameter, 2 die Methode der Analyse und 3 die Einheit welche sich auf den Analysewert bezieht.

In Kolonne 4 und 5 sind die Werte, welche die Gemeinde Useldingen betreffen, eingetragen. Zum Vergleich listet Kolonne 6 die Grenzwerte des Règlement Grand-Ducal vom 7. Oktober 2002 auf. ▪








# Commune-Art 2007 zu Useldeng

Text: Léon Gregorius


[Foto: Léon Gregorius]

Useldeng bougéiert och op kulturellem Plang. „Commune-Art 2007" war déi éischt gemeinsam Ausstellung vu lokalen Artisten an de Schoulkanner aus der Gemeng Useldeng. D'Iddi an d'Organisatioun ass vun der Kulturkommissioun ausgaang an dës gréisser Manifestatioun war de Weekend vum 20.-22. Abréll 2007. Ganz vill Leit hate sech afonnt fir de Vernissage, dee vum „Jazz Time Trio" musikalisch a vum „Pantomime Cumulus" theatralisch animéiert gouf. Während dem ganze Weekend ware vill Konschtfrënn am Centre Culturel zu Useldeng fir d'Molereien, Fotoen, Patchwork, Skulpturen a Keramikskreatiounen ze bewonneren.

D'Hobbykënschtler aus eiser Gemeng déi ausgestallt hu waren:

- Antoinette Barthelemy vu Schandel mat Acrylmolereien, Skulpturen a Keramiken,
- Claire Barthelemy vu Schandel, dat artistisch Fotografie mécht,
- Annie Develter vu Schandel, Molereien,
- Lydie Develter vu Schandel, ganz perséinlich Impressiounen, modelléiert a gemoolt,
- Claudine Even vun Ieverleng mat Molereien,
- Denise Feiereisen vun Useldeng, Patchwork an Teddyen,
- Arlette Friedel vun Useldeng, modern Molerei,
- Nicole Jacob vun Useldeng, Keramik,
- Stephanie Majerus vu Schandel, modern Molerei,
- Martine Schaott vun Ieverleng, Keramik,
- Patrick Weber vun Useldeng, modern Molerei,
- Arlette Weigel vun Ieverleng, Molerei.

An natierlech eis jonk Artisten, d'Schoulkanner aus der Gemeng, déi sech mat de Wierker vum Friedensreich Hundertwasser, dem Keith Hearing, dem Nicky de Saint Phalle dem Miro, dem Vasarely a.s.w. ausenaner gesat hunn an deene Kënschtler hir Wierker „zimlich realistisch" kopéiert hunn.

Dëse lokale Bäitrag zum Kulturjoer 2007 war e groussen Erfolleg an eng „Commune-Art 2008" ass elo schonns garantéiert.

An deene nächsten Editioune vum Ripevusch gi mir méi genee op eis eenzel Këntschler an a wäerten hiert Schaffen.


[Foto: Léon Gregorius]


[Foto: Nadine Schummer]



[Foto: Roby Kauthen]

# Gala-Concert 2007 vun der Harmonie Useldeng

Text: Guy Reichert

D'Harmonie Useldeng hat e Samschdeg, den 10. Februar 2007 op hire Gala-Concert invitéiert. De Sall war dicht besat an um 20.15 Auer ass de Jugendorchester mam René Lelong eramarschéiert. D'Ginette Nierenhausen huet d'Presentatioun vun de Stécker gemeet.

Als 1. Stéck huet de Jugendorchester den „Chatterbox Cha-Cha" gespillt. Dat 2. Stéck war „Your Mama don't dance" an als lescht Stéck koum „Just a closer walk with thee". Si hunn hir Saach ganz gutt gemeet a kruten och deen deementsprechenden Applaus.

Duerno sinn déi aner Musikante mam Dirigent Marcel Hinger eramarschéiert. De René Lelong huet dem Marcel Hinger den Taktstack iwwerreecht an et goung gläich weider mam Gala-Concert. Als 1. Stéck stoung „Backdraft" vum Hans Zimmer um Programm. Mat der „Triomfa" vum Wim Laseroms goung et gläich weider. Dem Stéck „La Storia" vum Jacob de Haan ass „Zeit für Natur op. 23 - Impressionen im Jahreskreis" vum Reinhard Summerer gefollegt. „Sieben Tage" vum Klaus-Peter Bruchmann stoung virun der Paus um Programm.

No der Paus goung et weider mat „A Huntingdon Celebration"vum Philip Sparke. Nummer 7 war „Westfort Ouverture" vum Jacob de Haan. „La cité interdite" vum Jean-Michel Bondeaux gouf suivéiert vun „Atlanta '96" vum Wim Laseroms. Dat lescht Stéck war „Lord Tullamore" vum Carl Wittrock.

No engem Risenapplaus gouf dunn nach „Triomfa" vum Wim Laseroms als 1. Zugab an „A Huntingdon Celebration" vum Philip Sparke als 2. Zugab gespillt.

De Präsident René Pick huet nach Merci gesot: 1. den Éiregäscht an de Leit déi do waren, 2. de Musikanten déi gespillt hunn an 3. der Schaffequipe déi gehollef huet, datt jiddereen eppes ze drénken an z'iessen hat. Duerno huet de Buergermeeschter Pollo Bodem nach alle Musikante Merci gesot. Hien huet weider gemengt, datt esou eng Musik eis Gemeng géing würdig dobausse vertrieden. ■



# 125 Joer Useldenger Pompjeeën 1881 - 2006

Text: Lou Anzia-Ney

**Ee frout Engagement fir Jonker vun haut als Pompjeeën am Dingscht vun eiser Duerfgemeinschaft vu mar.**

Zënter 1881 hunn an eisem Duerf Useldeng, Männer a spéider och Fraen a Jugendlecher sech éierenamtlech agesat fir am Déngscht vum Pompjeesveräin de Matmënschen an Nout zur Hëllef ze kommen.

D'Joer 2006 war ee Festjoer. Gefeiert gouf ee stolze Jubiläum: „125 Joer Useldenger Pompjeeën". Mat vill Asaz haten d'Membere vum Veräin, zesumme mam Organisatiounscomité, ee flotte Festprogramm op d'Bee gestallt, deen d'Geleeënheet gebueden huet déi verschidden Aspekter vum Pompjeeswiesen, d.h. d' Zesummeliewen als Equipe, d'Zesummenhalen a Komerodschaft an Disziplin an déi flott a léierräich Animatioun fir d'Jugend ze ënnersträichen.

Ugefaang hunn d'Feierlechkeete Samschdes de 25. Mäerz 2006 mat enger Akademescher Sëtzung, déi derzou genotzt gouf, d'Veräinsgeschicht vum Useldenger Pompjeesveräin ze beliichten, dëst a Präsenz vu villen Autoritéiten a Pompjeesfrënn.

„Eng sportlech Leeschtung fir den Eeschtfall", ënnert dësem Motto gouf de Pompjeescross de 6. Mee 2006 ronderëm d'Useldenger Sportshal gelaf. Virun allem Pompjeeskanner a -jugendlech (8-16 Joer) ginn ëmmer erëm am Veräin derzou animéiert, sech an der Equipe sportlech ze betätegen, wat vill Spaass an eng gesond Fräizäitbeschäftegung mat sech bréngen.

D'Ausstellung „Hygiène an Hëllef doheem, fréier an haut", déi vum 25. Juni bis den 2. Juli 2006 zu Useldeng opgestallt war, huet dokumentaresch festgehal, a wat fir verschidde Sparten de Pompjeesmann, -fra-oder -jugendlechen sech kann an Theorie a Praxis ausbilde loossen, fir de fräiwëllegen Déngscht quasi professionell unzetrieden.

Als Héichpunkt vum Festjoer war d'Kantonalfest vun de Pompjeeën d'lescht Joer zu Useldeng, Sonndes, den 1. Juli. Dës Feier beweist ëmmer erëm, dass jidder Pompjee, op jonk oder al, an der Gemeinschaft vun engem wichtege Veräin vun der Gesellschaft gedroen a respektéiert ass, an dass ee soll stolz sinn, der Gesellschaft déi mënschlech Talenter an technesch Kenntnisser kënne virzeféieren, déi noutwendeg sinn, fir all dat Material ze bedéngen, wat zum moderne Pompjeesequipement gehéiert.

De Jugendcamp vun de Pompjeeën, dee vum 19. bis den 22. Juli 2006 zu Useldeng ofgehale gi war, huet gewisen, wéi flott, amusant a léierräich d'Zesummesinn mat anere Jugendlechen aus dem Kanton ass, dobaussen an der fräier Natur, als Equipe an als Komeroden, wou een sech op deen anere verloosse kann.

Op der Ofschlossfeier vum Festjoer den 3. Mäerz 2007 waren d'Héichpunkter eng Mass als Erënnerung un all verstuerwe Komeroden, de Pompjeeskonveniat an déi laang erwaarte Publikatioun vum Festbuch „125 Joer Useldenger Pompjeeën".

Eist faarwegt Festbuch kann sech weise loossen. Et gëtt Opschloss iwwer 125 Joer gelieften Duerfgeschicht, mat ville klengen Detailer, déi bei munche Matbierger scho vläicht a Vergiess gerode waren, a virun allem awer och mam Beweis, dass et ëmmer viru geet, dank dem Elan vun der Pompjeesjugend.

Eise Veräin huet sech virgeholl, an de nächste Méint eng nei Kanner- a Jugendequipe mat engem besonnesch attraktive Programm fir de fräiwëllegen a vläicht spéider och beruffleche Pompjeesdéngscht ze begeeschteren.

Eis Useldenger Jugendpompjeeë sti vun 2007 un ënnert folgender Leedung:

Catherine Thiel, Useldeng, Jugendleederin, Studentin
Georges Boudler, Useldeng, Jugendleeder-Adjunkt, Berufsopompjee

**All interesséiert Eltere vu Kanner oder Jugendlech, déi sech fir een aktiivt Matmaachen an der Useldenger Pompjeesjugendequipe interesséieren, kënne sech bei den zwou virgenannte Persounen informéieren. All erwuesse Matbierger, déi Loscht hätten, Member vun den Useldenger Pompjeeën ze ginn, kënne sech melle bei der Kommandantin Elvire Thiel-Grosber, Useldeng.**




**D'Festschrëft vun den Useldenger Pompjeeën (285 Säiten a Wuert a Bild fir de Präis vu 40 €) ka beim Keessjee Gast Wetzel vun Useldeng bestallt a bezuelt ginn. Seng Adresse ass:**
**3, an Hiesel**
**L-8707 Useldeng**
**Tel: 23 63 82 93**







**Jos Schmit**
**Schoulmeeschter an eiser Gemeng vu 1970 - 2007**

**Trauerried vum Buergermeeschter Pollo Bodem**

*Léif Trauergäscht, léif Familljen,*

*D'Gemeng Useldeng huet op dësem Méindig ganz brutal an onerwaart ee vu senge wäertvollste Personnagë verluer.*

*De Jos Schmit war Schoulmeeschter aus Leidenschaft, een excellente Pädagog, ee spaassige Gesellschafter an ee Veräinsmënsch duerch an duerch.*

*Méi wéi 500 Kanner si vun him fir den Eescht vum Liewen erzu ginn, mat hinnen alleguerten hat hien,- duerch säi joviale Charakter bedingt, ee fréndschaftlicht Verhältnis,- iwwert d'Schoulzäit eraus.*

*Vill vun hinnen hunn duerch hie geléiert Schi fueren, zu Obertauern, am Salzburger Land, wat seng zweet Heemecht sollt ginn.*

*Den Naturmënsch Jos hat d'Bierger gär, genausou wéi hien d'Musek gär hat.*

*Als Président vun der Ieverlenger Musek, als Member vum Gesank an als Comitésmember vun der Entente war hien den Dynamo, den Dréi- an Aangelpunkt vum Ieverlenger kulturelle Liewen.*

*An der Gemeng gouf et kee Festcomité ouni de Jos an an der Elterevereenigung, wéi och am Coin de Terre war hie fest engagéiert, sou wéi all Veräin aus der Gemeng eent oppent Ouer bei him fonnt huet.*

*1970 koum hien als jonke Schoulmeeschter op Ieverleng, et war seng éischt Plaz an e sollt eigentlich nit laang bleiwen.*

*Mee d'Chimie tëschent him an den Awunner aus der Gemeng huet gestëmmt, honnertprozentig, ouni dass hien awer seng Wuerzelen an seng Originen aus sengem Heemechtsduerf Béigen vergiess hätt.*

*Säi buedemstännige Realismus, säi guddhäerzige Charakter, seng Hëllefbereetschaft, seng Zouverlässegkeet, seng grouss Kompromëssbereetschaft a säi Wëllen zur Reussite wäerte bei eis ëmmer an Erënnerung bleiwen.*

*Ech wees nit zu wéi vill Kanner hie virum Examen gesot huet: du kanns et, du packs et,- a kee war méi stolz wéi hien, wann et geklappt hat.*

*Nit méi spéit wéi dëse Sonndeg hat ech mäi lescht Gespréich mam Jos, no der Kommiounsfeier a mam Thema, wéi kéint et aneschters sinn, der Schoul.*

*De Jos huet verzielt, dass hien a säi lescht Schouljoer géif goen, dass hien nach eng Kéier mat de Kanner an d'Schivakanz wéilt fueren an dass hien an der Pensioun wëlles hätt vill ze reesen.*

*Säi Kapp war voller Iddien a Pläng, mee et sollt aneschters kommen.*

*De Jos war gären ënnert de Leit, hien huet eis verlooss, mee hie war nit eleng.*

*Seng Musikanten, seng Sänger, seng Ieverlenger ware ronderëm hien.*

*Dat soll der Famill e klengen Trouscht sinn.*

*D'Präsenz vun deene ville Leit gëschter am Rousekranz an haut hei um Begriefnis ënnerstraicht d'Beléiftheet déi de Jos an der Bevëlkerung hat.*

*Mir verneigen eis an déiwem Respekt a mat schwéierem Häerz virun engem Mënsch, deen an eiser klenger Welt Zeeche gesat huet.*

*Äddi Jos Schmit, mir wäerten dech ni vergiessen* ▪

# Extrait du registre aux délibérations du conseil communal de la commune d'Useldange

## 1. Ecoles

Le conseil communal approuve 4 contrats de louage de service à durée déterminée pour chargé(e)s de cours pour le remplacement dans l'enseignement précoce, préscolaire ou primaire.

Le conseil approuve 2 contrats à durée déterminée avec Melle Linster Sandra et Melle Sinner Jessica pour garantir le fonctionnement des cours d'aide aux devoirs à domicile dans l'école primaire.

## 2. Urbanisation - Projets d'aménagements particuliers

Le conseil approuve les projets d'aménagements particuliers suivants:

- PAP pour 2 maisons unifamiliales jumelées sur des fonds sis à Everlange au lieu-dit « In der Schammicht », projet présenté par l'architecte Marc Disteldorff au nom et pour compte de M. Marco Pavani.
- PAP pour 2 maisons unifamiliales sur des fonds sis à Useldange au lieu-dit « Auf dem Steinert », projet présenté par le bureau d'architecture SCAHT au nom et pour compte de M. et Mme Boudler-Wagner et Melle Wolff Nadine. Comme une réclamation a été introduite contre ce projet, le conseil communal a du s'exprimer une deuxième fois sur le PAP en question et a approuvé définitivement le projet lors de sa séance du 20.04.2007.
- PAP pour 9 maisons unifamiliales et 2 maisons unifamiliales jumelées sur des fonds sis à Everlange, lieu-dit « A Wokelt », projet présenté par le bureau d'architecture UNIVERSUM s.a. pour nom et pour compte de la société INTERVILLA s.a..

Afin de pouvoir mieux accompagner un projet de lotissement à Useldange et de prendre une certaine influence sur le développement des plateaux « Helperbierg » et « Spatzfeld », le conseil a décidé de conclure un contrat avec le bureau d'études CO3 en vue d'élaborer un plan directeur pour le site en question

## 3. Approbation de divers projets et devis.

Le conseil approuve le projet et le devis pour les travaux suivants:

- Construction d'une remise derrière le centre culturel à Everlange ( 186'498,94 €).
- Le conseil prend en outre la décision de principe de charger le bureau régional des Ponts et Chaussées de Redange/Attert pour élaborer le projet pour la mise en état de la rue « Am Eck » à Everlange.

## 4. Compromis de vente et actes

Vu que la Rue de l'Eglise à Useldange a été élargie en partie sur la propriété des consorts Zimmer, le conseil approuve le compromis d'échange pour une emprise sur la parcelle des consorts Zimmer. En contrepartie le commune cède aux consorts Zimmer une partie du sentier communal à l'arrière de leur propriété au lieu-dit « Useldange » et « Auf der Rosenacht ».

Le conseil approuve l'acte de vente avec la société « Immobilière Parc Everlange s.a. » concernant des fonds à intégrer dans le domaine public communal au lieu-dit « A Spéiss » à Everlange.

## 5. Gender Haus Redange

Le conseil approuve la convention accordant un soutien financier au Service à l'égalité des chances, Redange/ Attert a.s.b.l. La commune s'engage à apporter un soutien financier au montant de 10'740,00 € pour l'exercice 2007.

## 6. Syndicats

Le conseil approuve les statuts du syndicat intercommunal « Réidener Schwemm ». →

## 7. Bureau de la poste à Useldange

Le conseil se prononce pour le maintien du bureau de la poste à Useldange et décide d'adresser cette décision à la direction de la Poste.

## 8. Nouvelle dénomination d'une Rue

